PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4032 huet d'Ministesch Delaie fir d'Notzung vum IRM vun deene verschiddene Klinicken virgeluecht. Esou hätt ee Patient am CHdN an der Moyenne 34 Deeg op ee Rendez-vous fir den IRM gewaart, am CHEM 23 Deeg, am CHL 43 Deeg an am HRS 28 Deeg (Stand Januar 2021). Mir läit awer eng Confirmation de Rendez-vous fir, bei der ee Patient aus dem CHL iwwer 80 Deeg, bis d'nächst Joer Januar, muss op säi Rendez-vous waarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch dës grouss Diskrepanz tëscht der Moyenne déi vum CHL ugëtt, an der Confirmation de Rendez-vous déi mir virläit erklären? Wat kënnen d'Grënn fir esou ee laangen Delai sinn?

2. Wéi hunn sech d'Chifferen aus der parlamentarescher Fro 4032 säit Januar entwéckelt? Wou stinn Delaie fir ee Rendez-vous fir den IRM haut?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député